Amicale des Anciens Prisonniers et des Familles de Disparus de Natzweiler – Struthof
(Association sans but lucratif)
AMICALE NATZWEILER - STRUTHOF
Fondation : le 30 janvier 1966 à Osweiler, premier président : Robert KRIEPS.
Siège social: L-1467 Luxembourg-Howald, 14, rue Henri-Entringer.
R.C.S. Luxembourg F 2442
Compte bancaire: LU98 0090 0000 1236 6514 CCRA (Banque Raiffeisen)
Secrétariat : Lex HUSS, 8, Huelewee, L-7651 Heffingen
Homepage : www.amicale-natzw.lu
E-Mail: info@amicale-natzw.lu

Hieffenech, den 02.02.2018

Compte-Rendu
vun der ASSEMBLÉE GENERALE
den Samsdeg, 27. Januar 2018 am Restaurant Conterstuff zu Contern.

D'Assemblée Générale ordinaire gouf per Circulaire den 28.12.2017 un all Member angeruff.

All Member vum Comité war présent:
Eléonore JEITZ-LESS, présidente,
Gaston SCHUTZ, vice-président,
Lex Huss, secrétaire,
Pierre HUSS, trésorier,
Marcel EWERS, membre,
Jeannot HARSCH, membre,
Arthur HOFFMANN, membre,
Edouard JEITZ, membre,
Gaston RATHS, membre.

1. **Gemeinsamt Iessen um 12:00 Auer (30 Memberen sinn présent)**
2. **Assemblée generale huet um 14:00 Auer ugefangen (mat 30 Memberen)**

Punkt 1: Madame Eléonore Jeitz-Less begréisst d'Memberen, an weist sech zefridden, dat souvill Leit do sinn.
Sie erënnert un d'Fra vum Här Schütz, déi eis leider 2017 verlooss huet.
Duerno annoncéiert sie, dat sie als Presidentin ophält, an deemno fir den neien Exercice en neien President fonnt ginn muss.

Punkt 2: Rapport d'activités vum Joer 2017 duerch den Lex Huss:

A) <u>Normal Aktivitéiten organiséiert vun der Amicale:</u>

- 4. Februar: AG Altwies/Kohn
- 19. Mee: Déifferdeng (zesummen mat der Gemeng Déifferdeng)
- 2. September: Pèlerinage op Natzweiler: Succès mat 36 Leit an dem neien Ambassadeur Permanent à Strasbourg, dem Här Müller. Merci un Firma Siedler-Thill fir hier gutt Offeren säit Joeren fir dësen Pèlerinage.

B) <u>Aktivitéiten, bäi deenen d'Amicale derbäi war:</u>

- 26. Januar: Cérémonie en Souvenir des victimes de l'Holocauste
- 26. Februar: Hinzerter Kräiz, Journée de la Résistance
- 13-14. Mee: Rottweil (Gedenkstätte Eckerwald)
- 23. Mee: President vun Portugal bai der Eiweger Flaam
- 23. Juni (Nationalfeierdag): Philharmonie, Cathedral
- 24+25. Juni: Natzweiler (Journée française), Nuets-veillée, den Dag duerno Gerben uewen bäim Gaaljen an ënnen an der Aeschekaul
- 31. August: Woltz (Generalstreik)
- 16. September: Hinzert
- 10. Oktober: Journée de la commémoration nationale
- 16. Dezember: Schumanns Eck

Dës Lëscht gräift nët alles ob, ma déi wichtegst Deeg. Dobäi gouf ënnerstrach, dat dëst Joer och bal iwwerall konnt den Fändel vun der Amicale derbäi sinn, sou dat mir och no baussen gesinn ginn.

C) En kuerzen Gedanken och un aner Familjenmemberen vun der Amicale, déi 2017 vun eis gaangen sinn.

D) Den Comité hat 3 Réuniounen: 11. Januar, 25. Abrëll (Hollerecher Gare) an den 4. Dezember 2017 rëm an der Villa Pauly (LPPD-Bureauen)

E) Memberen 31.12.2017: 79 (7 neier, dovunner waren och en puer présent)

F) Den C.I.N.gouf virgestallt: Représentatioun vun all Land an deem Comité. Vertrueden: Hollänner, Norweger, Lëtzebuerg an Frankräich. Belge an Italien sollen bäikommen.
Idee (déi awer nach net wierklech konkret ass, an déi mol bäi dem Conseil d'Europe virgedroen muss ginn): Niervt den gemeinsamen Gedenkfeiren vun den Amicalen am September, och en "Chemin de mémoire" ze maachen. Dësen soll Gebaier an Plazen, déi direkt am Kontext vun Natzweiler stinn (vun der Déportatioun, iwwert Natzweiler selwer bis hin zu den Aussenlager) opgräifen.

G) Internetoptrëtt: Den Internetoptrëtt war bis 2017 guer net gutt: ët waren Méint, op deenen keng Persoun eis Säit kucken war. Dës huet den Lex Huss dunn am Summer 2017 komplett nei gemaach, an och fir Handyen an Tablets optiméiert. Den 1. Mount duerno waren well iwwert 330 verschidden Leit op der Säit, am Moment pendelt ët sech bäi 80-90 an. Zudeem konnt dëst duerch en méi bëllegt Abonnement ersat ginn. Amplaz 88 Euro sinn et lo bësse méi wéi 41 Euro am Joer.
Och Facebook-Säit ass mat 168 Leit, déi dës bis lo abonnéiert hunn, ganz erfollegräich. Als Beispill: 515 verschidden Leit hunn den Bäitrag (an Fotoen) vun eis op Natzweiler 2017 gekuckt. Groussen Interessie, mat deem een speziell och déi méi jonk Leit uschwätzen kann.

Punkt 3: Den Trésorier Pierre Huss huet dunn Konten virgestallt, d'Amicale huet zum 31.12.2017 4.738,50€ gehat. Wichteg Punkten do: den Fändel deen gebotzt gouf an och en gudden Strapp méi liicht gouf, zudeem d'Einnahmen duerch den Pèlerinage, deenen géigeniwwer héig Ausgaben bäi den Frais administrativ stinn (Annexe 1).

Punkt 4: Den Keesskontroller Jean-Pierre Pletsch huet d'Kees kontrolléiert, an huet dëst konnten bestätegen, an huet d'Décharge vum Trésorier ugefrot, déi dunn och vun der AG accordéiert gouf.

Punkt 5: Décharge vum Comité gouf vun der AG ugeholl

Punkt 6:

Als neien Member gouf den Här Paul WELTER (Chrëschtnech) am Comité opgeholl. D'Memberen (an alphabetescher Reihenfolg):

a. EWERS Marcel
b. HARSCH Jeannot
c. HOFFMANN Arthur
d. HUSS Lex
e. HUSS Pierre
f. JEITZ Edouard
g. JEITZ-LESS Eléonore
h. RATHS Gaston
i. SCHUTZ Gaston
j. WELTER Paul

➔ Fir den Posten vum zweeten Keesskontroller konnt leider keen fonnt ginn.

Punkt 7: Repartitioun vun den Chargen vun den Leit am Comité maachen gemäss Statuten Memberen aus dem Comité selwer. Den Comité muss innerhalb 14 Deeg zesummen kommen, fir den neien President ze wielen. Opgesat hunn sech den Pierre Huss a Gaston Raths.
D'Wiel vun engem Delegéierten vun der Amicale Natzweiler-Struthof bäi der LPPD zielt och zu den Tâchen vum Comité selwer, sou datt och dëst dann gemaach gëtt.

Punkt 8: Den Pèlerinage op Natzweiler gouf vun der AG mat 15 Jo-Stëmmen fir 2 Deeg op den 7.+8. September festgeluecht. Fir just een Dag waren 4 Leit. Déi aner Leit hunn sech enthalen. An dësen 2 Deeg fueren mir fir d'éischt an den Conseil d'Europe op Strosbuerg (den Här Müller gëtt duerfir kontaktéiert), iessen do dann zu Mëtteg, an kucken Owes fir Nuets-Veillée zu Natzweiler ze sinn. Den 2. Dag sinn dann eis Feierlechkeeten – an déi vun den aner Amicalen aus den verschiddenen Länner.

Punkt 9: Verschiddenes

a. Den Siège vun der Amicale konnt nët geännert ginn, well en net explizit um Ordre du jour stung.
b. Wann méiglech, kucken mir, ob eenzel Memberen vläicht léiwer per Email ugeschriwwen ginn. Dëst spuert d'Amicale Suen, an gläichzäiteg kënnen sie méi séier erreecht ginn. Wichteg: Dës Email-adressen ginn genau sou vertraulech behandelt, wéi déi aktuell Adressen-Donnéen vun den Leit. Eng zentral Sécherung op dem Server, op deem och Homepage ass, dierft dës Sécherheet méiglechst garantéieren.

Punkt 10: Déi scheedend Presidentin Jeitz-Less Eléonore gouf verabschiedet. Mat engem schéinen Bouquet Blummen hunn all Memberen der Madame Jeitz-Less Merci gesot, fir hier laangjäreg gutt Aarbecht an hiren Asatz fir d'Amicale Natzweiler-Struthof.

D'Séance ass um 15:35 opgehuewen ginn.

Am Numm vum Comité,
Lex Huss, Sekretär
Amicale des Anciens Prisonniers et des Familles de Disparus de Natzweiler-Struthof